N°939
Entrée le 06.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 939 vum 26. Juni 2024 vun den Hären Deputéierte Marc Goergen a Ben Polidori.**

*Fro 1: Wéi positionéiert sech de Ministère vis-a-vis vun dëser Problematik?*

De Ministère kennt d'Problematik vun oniwwersiichtleche Kräizungen an et besteet en Aarbechtsgrupp vun der Staatlecher Verkéierskommissioun, deen eng gréndlecher Analys vun all eenzel Ufro fir Verkéiersspigele mécht.

D'Demandë fir Verkéiersspigele z'installéiere gi vu Ponts et Chaussées an an der staatlecher Verkéierskommissioun analyséiert, wann dës op Staatsstroosse virgesi sinn. Dës Analyse ginn duerchgefouert opgrond vum Gesetz iwwert d'Permissions de voirie. D'Demandë fir d'Installatioun vun néie Spigele betreffe souwuel Stroossen mat schlechte Siichtverhältnisser, a Kéieren a Kräizunge wéi och Accès'e vu Privatleit op eng Staatsstrooss.

Ganz allgemeng gëtt d'Méiglechkeet vun engem Spigel just a Betruecht gezunn, wann all aner Moyen'e fir d'Visibilitéit ze verbesseren ausgeschöpft goufen. Dozou gehéieren zum Beispill d'Ewechhuele vu Parkplazen, d'Erneierung vum Marquage oder d'Upassung vu Gréngsträifen, Hecken asw. D'Nodeeler vun engem Verkéiersspigel ass dass si d'Aschätzung vun der Distanz an der Vitesse vum Verkéier erschwéiere kënnen, besonnesch well et verschidde Fabrikater mat ënnerschiddlechen optesche Verzerrunge gëtt. Anerersäits si Verkéiersspigelen ufälleg fir reduzéiert Visibilitéit duerch Knascht, Reflets, Reen, Niwwel, Äis asw.

Aus all dëse Grënn ginn d'Demandë fir Spigele fir Privataccès'en déi op ëffentlechem Terrain solle gestallt gi grondsätzlech net autoriséiert. D'Spigele solle, wann iwwerhaapt néideg, op de privaten Terrain gestallt ginn.

Wat Kräizungen an oniwwersichtleche Kéieren ugeet, sou muss vu Fall zu Fall gekuckt ginn, ob e Spigel eng Verbesserung vun der Visibilitéit duerstellt oder net. Eng confortabel Siicht ass awer nëmmen ee vun de Parameter, deen a Betruecht geholl gëtt a wann den Asaz vun engem Spigel zweifelhaft ass, gëllt et éischter drop ze verzichte wéi den Autofuerer e falscht Gefill vu Sécherheet ze vermëttelen.

*Fro 2: Kann de Ministère de genannte Grond sou konforméieren ? Falls jo, aus wéi enge Grënn ginn dann déi existéierend Spigelen net fortgeholl ?*

All nei Amenagementer ginn zanter enger Rei vu Jore schonn no den uewegenannte Critèren analyséiert. Bestoend Spigelen déi an der Vergaangenheet eng Autorisatioun krut hunn, ginn net automatesch ewechgeholl mee mussen am Fall vun enger Ännerung vum Ëmfeld nei analyséiert a gegeebenenfalls ewechgeholl ginn.

*Fro 3: Kann de Ministère eis soen, ob et Iwwerleeunge fir Alternativen zu dem Verkéiersspigel ginn ? Falls jo, wéini kennen dës agesat ginn ?*

Jo, et ginn Iwwerleeunge fir Alternativen zu Verkéiersspigelen. Den Aarbechtsgrupp mécht normalerweis Virschléi fir alternativ Léisungen, wéi zum Beispill Hecken oder Parkplazen ewechhuelen, fir d'Siicht ze verbesseren. Dës Alternative gi vu Fall zu Fall analyséiert a kënne variéiere jee no de spezifesche Bedéngungen op der Plaz. D'Zil ass et, méi sécher a praktesch Léisungen ze fannen.

Dovunner ofgesi, ginn all nei Stroossen a Gebaier haut sou geplangt, dass fir eng genügend Visibilitéit vu vir eran och ouni Spigele gesuergt ass.

Lëtzebuerg, den 6. August 2024

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes